27.10.1988

10., 17. an 22.11.1988

1. an 12.12.1988

## Vegetaresche Kachcours

Et war eis gelongen, den Nico Hoffmann, Schoulmeeschter vu Gaasperech an engagéierten « Ëmweltschützer », Member vum Bio-Kreess a « Bio-Kach » op RTL 92,5 fir e Kachcours ze gewannen.

Ugemellt hunn sech Braun Liliane, Frantz Marie-Rose, Frantz Yolande, Kaiffer Nanni, Leguil Yvonn, Muller Lucie, Roger Catherine, Schmit Marlène, Schumacher Pierrot a Marianne, Stark Marcelly, Tremuth Annette a Fernand.

De 27. Oktober war den Aféierungsowend, bei deem den Nico eis en Abléck an déi vegetaresch Kichen, d'Grënn, firwat dass ee manner Fleesch soll iessen, wéi ee méi gesond ka kachen a liewen, ginn huet.

Zu deer Aféierung war och eise President komm.

Véier Owender duerno huet den Nico de Kandidate gewisen, wéi een och gutt Menüën ka preparéieren, ouni Fleesch.

Aleguerten hunn se gehollef fir Courgettenzopp, Tomatenzopp, Broccolispaschtéit, iwwerbakenen Hiegem, Zaloten « en masse », Marzipan an Taarten ... ze preparéieren.

Am Ganzen wäerten eng 40 verschidden Platën ausprobéiert gi sinn.

Natierlech, wéi üblech an engem Kachcours, sinn d'Saachen nom Kachen dann och vun de Participantën giess ginn. Esou guer eisem President, dee mat Kéieren nach reschter matkrut an dee ganz skeptesch zu deer Saach stung, huet et net schlecht geschmaacht, besonnesch de Marzipan, fir deen hien Spezialist ass.

Den Ofschloss vum Kachcours war op Méindes, den 12. Dezember festgeluet ginn. Dozou invitéiert hate mer de Schefferot an, wéi dat sech esou gehéiert, d'Press.

E puer vun eisen Dammen (Marlène, Lucie) hate gebak (Taarten a Kichelcher), den Nico hat biologesche Wäin an Uebstjus matbruecht.

Eise President huet dem Nico an senger Fra, dem Doris (hatt war een Owend agesprong, well den Nico net komme konnt), Merci gesot fir hiren Asaz. De Caissier huet dem Nico e Cachet (5.000.- Frang) iwwerreecht, deen den Nico dann un d'Fondatioun « Hëllef fir d'Natur » weidergeleet huet, well hien näischt fir de Kachcours wollt hunn.

Nozedroe bleift nach just, dass mer owes mat Kéiere frou waren, dass mer nach séier konnten heem fueren e Geschier sichen oder am Nanni an am Lucie säi Gaart goen (mat der Täscheluucht) Broccoli ze sichen, well den Nico emol alt eng Kéier eppes vergiess hat.